



Duerfir, hei kënne mir selwer d'Konditiounen definéieren. An ech soen lech, mir kënne jo kucken, wann et esou wäit ass, an da komme mer gär eng Kéier an d'Kommissioun, da weise mer lech d'Richtlinnen, mat deene mer wëlle schaffen. Mee ganz kloer ass fir mech hei, datt ech mech wëll op dat baséieren, wat wierklech Defense ass, an datt ech net wëll hunn, datt hei Biller geholl ginn oder Biller zur Verfügung gestallt gi fir Saachen, déi an déi Richtung ginn, déi Dir lech kéint virstellen. Mee Dir hutt Recht, et ass eng ganz berechtigt Fro.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7542. Den Text steet am Document parlementaire 7542⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7542 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vott par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dëse Projet de loi mat 31 Jo-Stëmme bei 29 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Georges Engel) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par Mme Josée Lorsché), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Léon Gloden), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Octavie Modert), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Gilles Roth), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Claude Wiseler), Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zu deenen zwou Resolutiounen, déi bei dëser Debatt deposéiert gi sinn.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Den Här Gloden freet nach Parole après ministre.

■ **M. Léon Gloden (CSV).**- Ech wollt nach eng Resolutioun deposéieren.

8. Dépôt d'une résolution par M. Léon Gloden

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Gloden huet d'Wuert.

(Brouhaha)

Exposé

■ **M. Léon Gloden (CSV), auteur.**- Merci, Här President. Ech hat elo dem Här Bausch, wéi mir alleguer heibannen, ganz gutt nogelauschtert. An en huet mech op eppes Spezielles hellhögemaach. Et huet elo näischt direkt mam Satellitt ze dinn. En huet gesot, wann et no him géif goen, da kéinten d'Sëtzunge vun de Kommissiounen public sinn, dat heescht, déi kéinten iwwerdreue sinn.

Mir haten d'lescht Joer hei eng Resolutioun deposéiert, déi ass dunnt un de Bureau verweise ginn, Här President. Ech deposéiere se hei nach eng Kéier dann elo mat den néidegen Ënnerschrëften. An ech gi jo dovunner aus, datt déi gréng Kolleegen hiren eegene Vizepremier dann den Owend net hei séance tenante desavouéieren. Duerfir froe mer elo de Vott haut.

Merci.

Résolution

La Chambre des Députés,

- constatant que pour pouvoir participer pleinement au processus démocratique, il est impératif que les citoyens et citoyennes se voient reconnaître l'accès à l'information publique comme un droit fondamental ;

- notant que ce droit contribue à la légitimité et à la confiance envers les institutions étatiques ;

- constatant que les séances plénières de la Chambre des Députés sont publiques et qu'elles sont retransmises à la télévision ainsi que disponibles en ligne ;

- constatant également que d'autres parlements, dont le plus emblématique, à savoir le Parlement européen, vont plus loin dans leur volonté de transparence et d'ouverture en permettant aux citoyens et citoyennes de suivre en direct via retransmission télévisée et/ou en différé sur le web les discussions au sein des commissions parlementaires ;

- constatant que les discussions préparatoires au sein des commissions parlementaires font partie intégrante de la procédure législative, décide

- dans le sens de la transparence que les réunions des commissions sont par principe publiques ;

- de permettre partant aux citoyens et citoyennes de suivre en direct les débats et discussions au sein des commissions parlementaires via retransmission télévisée sur Chambre TV et en différé via retransmission sur le site de la Chambre des Députés ;

- de réserver le huis clos aux réunions portant sur des dossiers sensibles.

(s.) Léon Gloden, Sven Clement, Gilles Roth, Marc Spautz, Claude Wiseler.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gloden.

9. 7542 - Projet de loi portant modification de la loi du 14 août 2018 autorisant le Gouvernement à acquérir, lancer et exploiter un satellite et son segment sol destinés à l'observation de la Terre (suite)

Résolutions

Mir kommen awer elo fir d'éischt zrëck op déi Resolutiounen, déi am Kader vum Projet 7542 deposéiert goufen.

Résolution 1

Fir d'éischt déi Resolutioun, déi vun der Madamm Stéphanie Empain ofgi ginn ass. Ech mengen, do ass alles gesot. Kënne mer ...

(Interruption)

Den Här David Wagner freet nach d'Wuert.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Nee, Här President, merci, mee et ass nach net alles gesot ginn. Ech mengen, et muss een awer e bëssen iwwert déi zwou Resolutiounen schwätzen.

Et geet hei wierklech net, a mir hunn dat oft gesot, ëm e Procès d'intention, a kenger Richtung. Den Här Minister Bausch huet virdru gesot, datt e perplex wier, well an de Kommissiounssëtzunge vun der Comexbu den Toun u sech relativ roueg war, diplomatesch war a mer net wéi Barbaren do randaléiert hunn.

Dat stëmmt jo och, étant donné, datt mer kee Procès d'intention wollte maachen! An ech gehéieren zu deenen, déi e puermol souguer och dem aktuellen Här Verteidigungsminister felicitéiert hu fir seng Zesummenaarbecht. An ech sinn och nach ëmmer net der Meinung, datt de gréisste Problem beim Här Bausch läit, nach ëmmer net.

Mee mir krute Saache gesot an dëser Kommissioun, an dofir ass et lues gaangen, mir krute Saache gesot an dëser Kommissioun, wou mir perplex waren, an net just d'Oppositioun, mee ech mengen, och jiddweree vun der Majoritéit. An et kann een dovun ausgoen - ech hunn net vill Zäit, d'Madamm Adehm ass awer op déi Saach ganz komplett agaangen -, et ass héchstwahrscheinlech esou, datt d'Volleksverriedung - Volleksverriedung! - belu ginn ass vun héijere Beamten, belu ginn ass!

An dat ass déi Fro, déi sech stellt: ob et bewosst war oder onbewosst war an esou weider, mee et si jo vill Kontradiktiounen do. D'Fro, déi sech stellt, ass, ob dat normal ass hei am Lëtzebuurger Staat, datt vläicht Ministeren oder héijer Beamten an iergendenger Form vu Prozedur d'Wourecht net soen a weiderhin op Ufro vu Volleksvertreieder d'Wourecht net soen. Akzeptéiere mir dat - wat och e Signal ass fir d'Zukunft! - oder soe mer: „Dat geet net!“?

Mir haten an der Kommissioun e bëssen driwwer diskutéiert. Et gouf gesot: „Et mécht kee Sënn, déi Leit erëm eng Kéier anzulueden.“ Mee am Prinzip, wa Kontradiktiounen do sinn, da muss ee se konfrontéieren domat, fir duerno wierklech d'Saach erauszehuelen. Vlächicht ass net vill hannendrun. Vlächicht ass awer villes hannendrun!

An da gouf gesot: „Jo, mee da soe se dat selwecht!“ Mee dofir brauche mer eng Enquêtekommissioun, fir justement déi Leit erëm eng Kéier anzulueden, an dës Kéier si se ënner Eed! Ënner Eed mussen se aussoen! Du dierfs och ënner Eed léien,

et huet awer just aner Konsequenzen. An eng Enquêtekommissioun gëtt sech och aner Mëttelen.

Fir sech herno hannert der Cour des comptes ze verstopen ... Also, ech fannen d'Resolutioun vun der Majoritéit legéremment skandaléis, well mir sinn amgaangen hei als Chamber, e bëssen eis Muecht ze amputéieren! Et geet net just drëms, ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- D'Cour des comptes ass en Instrument vun eis!

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- D'Cour des comptes ass en Instrument vun eis?

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Jo!

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Eng Commission d'enquête ass „och“ en Instrument vun eis!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Jo, wëllt Dir Juge d'instruction ginn?

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Neel! Ech wëll hei just ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Voilà!

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Här Di Bartolomeo, lech huet een an der Kommissioun och net esou vill héieren!

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Ech wëll Parlamentarier sinn! An anscheinend wëllt Dir dat net.

(Brouhaha)

Also, mir sinn der Meinung, de Problem ass deen, ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Wagner huet d'Wuert a soss keen!

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- ... mir sinn hei zu Lëtzebuerg - ech wëll awer eppes soen: Dofir kënne mer net -, mir sinn eent vun deene rare Länner, wou d'Majoritéit muss d'accord sinn, fir dass eng Enquêtekommissioun kann instruéieren. Egal, wien dofir zoustänneg ass a wien d'Schold dorunner dréit: Dat ass net normal!

A ville Länner brauch een eng kritesch Mass fir d'Enquêtekommissioun. Dir hutt an Däitschland, a Frankräich, an der Belsch, an den USA Parlamenter, déi sech eescht huelen, déi maache reegelméisseg Enquêtekommissiounen! Et ass am Prinzip näischt dobäi, eng Enquêtekommissioun ze maachen iwwer iergendeppes, iwwer iergendeng Fabrick, wou e Problem ass, iwwer en Ëmweltproblem. Si maachen Enquêtekommissiounen. Bei eis ass dat eng gréisser Staatsaffair!

An de Problem ass justement, mengen ech, wann ee seet: „Mir wëlle keng Enquêtekommissioun maachen“, da bedeit dat zwou Saachen ... A mir haten eng 2013, do war d'ganzt Parlament, y compris déi deemoleg Regierung, domadder averstanen, wat een där muss zeguthalen, an en Deel vun dëser ehemoleger Regierung huet dat jo och misse bezuelen. Wann ee seet: „Mir wëlle keng Enquêtekommissioun“, heescht dat zwou Saachen: Mir schwächen d'Parlament. An et ass e Prezedenzfall an deem dote Fall, well et sinn 29 Deputéierter, eng ganz grouss Minoritéit, géint eng ganz kleng Majoritéit vun 31 Deputéierten, déi soen: „Nee, mir maache keng Enquêtekommissioun!“ Mir schwächen d'Parlament!

A wat ass dat fir e Signal!? Well ech ginn net dovunner aus, datt et eppes ze verstope gëtt oder datt et ëm en handfeste Skandal geet. Mee wann een dat refuséiert, dann denken ech et awer!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Richtig!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. Dann huet den Här Clement d'Wuert gefrot.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Et geet ëm näischt anescht wéi d'Glawierdegkeet vun eis alleguerten heibannen. Dat ass net einfach esou dohinnergese. Ech hunn ugefaangen, Politik ze maachen, well ech un de Parlamentarismus gleewen, well ech dru gleewen, datt d'Demokratie eppes Wäertvolles ass, eppes ass, wat d'Derivé vun deenen, déi grad de Pouvoir hunn, kontrolléiert, eppes, wat vum Vollek gedroe gëtt, an zwar vum ganze Vollek.

A mir stinn hei alleguerten, alle 60, déi heibanne sinn, si mer hei, fir d'ganzt Land ze verrieden. Mir sinn net hei, fir eng Partei ze verrieden. Mir gi certes iwwer Parteilëscht gewielt, mee mir sinn hei, fir d'Land ze verrieden. Mir sinn hei, fir d'Regierung ze kontrolléieren.

Et ass net ëmgedrëit: Et ass net un der Regierung, fir dem Parlament ze soen, wat et ze maachen huet. Et ass um Parlament, fir ze kucken, ob d'Regierung dat mécht, wat se seet. An dann, wa se eppes anescht mécht oder wa se eppes mécht, wat potenziell problematesch ass, dann ass et un eis, fir dat ze denoncéieren. Dat ass net Riichter spillen, dat ass net „Juge d'instruction“ spillen, dat ass net e Prozess maachen. Dat ass sech eescht huelen! Dat ass demokratesch Wäerter eescht huelen!

D'Resolutioun vun der Regierung, oder vun der Majoritéit - mee mir hu jo vum Minister héieren, datt e se ganz, ganz sympathesch féint an en huet dat och an der Kommissioun e puermol ugedeit, sou datt een do wierklech emol vun „ofgeschwat“ kéint schwätzen - verlaangt, datt just, an dat ass wichtig, „just“ d'Gestion financière vun deem Projet soll gekuckt ginn. Ech fannen dat skandaléis!

Ech muss lech ganz éierlech soen: Dat geet mir net wäit genuch! Well den David Wagner huet et hei gesot, a jiddweree, deen déi 150 Säite vum Rapport vun der Comexbu gelies huet, weess, datt iergendeen d'Parlament ugelunn huet. Iergendeen huet d'Onwourecht gesot, ob bewosst, onbewosst, ob en et geplangt hat, premeditéiert oder net. Méi wéi een huet souguer hei am Parlament dem Parlament, dem héchste Kontrollorgan, wat mer an enger Demokratie hunn, d'Onwourecht gesot!

A wa mir haut domat averstane sinn, deen Dossier einfach ze klasséieren a just d'Finanzgestioun vun deem Projet ze analyséieren, da soe mir domadder dobaussen als Éischt emol: „Et ass okay, Dir kënnt eis uléien!“ Ech weess net, ob mer dann iwwerhaupt nach als Parlament mussen zesummekommen. Well wa mir dobaussen de Leit soen, déi an d'Chamber convoquéiert ginn, fir hei eng Ausso iwwert d'Kontroll vun engem Budget ze maachen: „Dir dierft eis uléien an et geschitt lech guer näischt“, da kënne mer de Buttek zoumaachen, léif Kolleeginnen a Kolleegen! Well ganz éierlech, da si mer hei just nach Statisten an engem Schauspill, wat inzenéiert ass, fir datt herno 29 Leit dat eent soen an 31 Leit awer dat maachen, wat d'Regierung hinnen an d'Hausaufgabebichelche geschriwwen huet. Dat kann et net sinn!

Mir als Chamber mussen eis eescht huelen! An den David Wagner huet et richtig gesot: Et ginn op der ganzer Welt Parlamenter, wou ee mat substanzuell méi kleng Minoritéite wéi 29 Siechzestel eng Enquêtekommissioun ka kréien.

Elo ass et esou, wéi et ass, datt mer hei zu Lëtzebuerg am Moment nach eng Majoritéit dofir brauchen. Jiddweree vun deenen, déi hei an der Regierung sinn am Moment, an der Majoritéit setzen, ka sech warscheinlech - vlächicht mat Ausnam vun der LSAP, déi si scho méi laang derbäi - drun erënnere, wéi et ass, an der Oppositioun ze setzen. Denkt ëmmer dorunner, wann Der 31 zu 29 eng Enquêtekommissioun rejetéiert haut, datt et an Zukunft och Dir kéint sinn, déi hei stinn an eng Enquêtekommissioun froen, well iergendeen aneren, deen haut vlächicht an der Oppositioun ass, eppes gemaach huet, wat derwärt ass, enquêtéiert ze ginn! An d'Chamber unzeléien, ass derwärt, enquêtéiert ze ginn, an dat dierf net ouni Konsequenze sinn!

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Richtig!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Clement. An dann hat d'Madamm Diane Adehm d'Wuert gefrot. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Diane Adehm (CSV).**- Ech mengen, et ass ganz kloer, dass d'Chamber hei gefuerdert ass, fir dat doten ze analyséieren, dat doten ze kucken, erauszefannen, wat den Historique ass, an deementsprechend alles festzehalen an engem Rapport, deen der Chamber misst hannerluecht ginn.

Mir hunn, fir dat kënnen ze maachen, eng Dispositioun an der Verfassung stoen, am Artikel 64 vun eiser Verfassung respektiv am Gesetz vum 27. Februar 2011 an och an eisem interne Reglement vun der Chamber, nämlech déi vun der Enquête parlementaire, fir eng Enquête parlementaire anzeleeden an esou engem Fall.

Duerfir geet an där Resolutioun dann hei nach rieds dovun: „datt d'Chamber soll haut nach decidéieren, datt déi parlamentaresch Untersuchungskommissioun soll ageruff ginn, fir datt sollen déi ganz Operatiounen“ - deemools ass et ëm de Service de renseignement gaangen; Här Bausch, Dir hutt lech richtig erëmerkannt, well ech sinn amgaangen, lech ze zitieren -, „also dat, wat do gegrént ginn ass, et soll alles gekuckt ginn, wat dee Service gemaach huet, an dat alles op der Basis vun der Legalitéit, ob dat alles op der Basis vun der Legalitéit gemaach ginn ass, respektiv d'Methoden, mat deene geschafft ginn ass, ob dat alles Methode waren, déi op der Basis vun der Legalitéit stinn, an datt deementsprechend, wéi gesot, e Rapport géif ofgeschéckt ginn, deen an der Chamber géif hannerluecht ginn an deementsprechend och eng Kéier an enger ëffentlecher Sitzung hei géif debatéiert ginn.“

An dat doten, Här Bausch, dat sinn Är Wieder, mat deenen ech lech elo hei zitéiert hunn.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Déi géif ech och haut nach soen.

■ **Mme Diane Adehm (CSV).**- An deemools ass eng Resolutioun hei deposéiert ginn, déi vu sämtleche Parteien ënnerschriwwen ginn ass, Majoritéit wéi Oppositioun. Majoritéit wéi Oppositioun! Wat hutt



Dir ze verstoppen, dass Dir keng Enquêtëkommissioun an dësem Fall wëllt?

Mir wëssen alleguerter ganz genee, ...

(Brouhaha)

...wa mer deen heite Rapport an d'Cour des comptes ginn, ech zitëieren lech d'Gesetz vun der Cour des comptes, d'Gesetz vun 1999, Artikel 2: Champ de contrôle vun der Cour des comptes: „contrôle de la gestion financière des organes, administrations et services de l'État“, Artikel 3: « Objectifs de contrôle. La Cour des comptes examine la légalité et la régularité des recettes et des dépenses ainsi que la bonne gestion financière des deniers publics. »

Jiddwereen, dee Member vun der Budgetskontrollkommissioun ass, weess, dass d'Cour des comptes net iwwert dat doten erausgeet. A wa se et an der Vergaangenheet probéiert huet, ass se op d'Plaz gesat ginn.

D'Cour des comptes kontrolléiert keng Opportunitéit vun den Depensen. Si kontrolléiert net, wou OHB-I hierkomm ass, wat mat OHB-I geschitt ass. Si analyséiert net, firwat dass mer 2018 am Juli nach hu misse coûte que coûte e Gesetz stëmmen. Si analyséiert net, firwat dass Dir, Här Minister, eréischt am März 2020 an d'Chamber komm sidd. Si analyséiert net, firwat dass d'Armée hir Kompetenzen net éischter opgebaut huet. Si analyséiert net, wat bei LuxGovSat geschitt ass, wat d'Vertrieder vum Staat am Verwaltungsrot vu LuxGovSat gesot oder net gesot hunn. Si analyséiert net d'Kommunikatioun zwëschen deene verschiddeenen Acteuren, déi awer maassgeblech dozou gefouert huet, dass mer haut mussen 139 Milliounen nostëmmen.

Duerfir, Här Bausch, firwat weigert Der lech, fir d'Enquêtëkommissioun matzestëmmen?

■ **Une voix.**- Très bien!

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Bausch freet direkt d'Wuert, fir dorobber ze reagieren.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- ... dem Minister mol no ... 32:29!

(Hilarité)

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Dir maacht dach, wat de Minister wëll!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Bei enger Resolutioun, Här President!

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Wat d'Debatt méi spéit gëtt, wat se méi komesch Tournuren unhëlt. An d'Madamm Adehm verlaangt elo schonn, dass ech hei soll mat ofstëmmen. Ech mengen, Dir wësst jo, dass de Minister hei net mat ofstëmmt. Ech sinn net Member vun der Chamber.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).**- Dir gitt awer de Kommando.

(Exclamations)

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Jo, mee lauschtert emol, dat ass jo awer d'Realitéit. Also heihinnerzekommen an ze soen, de Minister, dee war ...

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Ganz schwach, ganz schwach!

(Coups de cloche de la présidence)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Bausch huet laang gewaart, fir kënnen dorobber ze reagieren, an en därerf elo dorobber reagieren!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- A wéi enger Prozedur?

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Dat, wat Der do virgelies hutt, wat ech deemools als Deputéierte gesot hunn, dozou stinn ech nach zu 100 % haut. A wann ech dat an där doter Geschicht haut ze decidieren hätt, géif ech et nach eng Kéier 100 %eg d'nämmlecht decidieren, well ech et richtig fonnt hunn.

(Interruption)

Jo! Da loosst mech emol ausschwätzen! ... well ech et 100 %eg richtig fonnt hunn. An natierlech kann een ëmmer iwwer eng Enquêtëkommissioun diskutieren. An ech hunn hei nach kee Wuert gesot, wat meng Meinung ass zu der Enquêtëkommissioun. Dat ass un der Chamber, dat ze decidieren, wat se wëllt decidieren, net u mir. Genausou wéi d'Chamber och déi aner Resolutioun hei wäert stëmmen oder net stëmmen, déi deposéiert ginn ass.

D'Chamber ass souverän ze decidieren, wat se wëllt. A wann Dir keng Majoritéit an dësem Parlament kritt fir eng Initiativ, déi Dir geholl hutt, dann ass dat net dem Minister seng Schold, beim beschte Wëllen!

(Brouhaha et protestations)

Jo. Jo, an ech wëll lech just soen, wann Der dat hei virgelies hutt, wat der Cour des comptes hiren Objektiv ass, dat ass richtig. Mee ech mengen,

datt dat och d'Haaptaufgab ass, déi de Moment ze analysieren ass. Well ech maachen et nämlech net wéi verschidde Leit heibannen, dass ech d'office, d'office, ouni e Beleg ze hunn, Beamten hei an der Chamber ënnerstellen, si géife léien!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Mir hu Preuven dofir.

(Coups de cloche de la présidence)

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Da leet déi Preuvë vir!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- 150 Säite Rapport! Deen ee seet dat eent, deen anere seet dat anert.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Ech muss lech soen, Här President, ech muss lech soen ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Clement, Dir hutt d'Wuert net!

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Här President, ech muss lech soen, wat hei, wat ech hei ...

(Interruption)

Ech hu mech bis elo nach net hei dozou geäussert. Mee ech muss lech awer soen, et ass awer e bëssen e staarkt Stéck! Hei gëtt iwwer Beamten hiergefall, hiergezunn op eng Aart a Weis, wéi ech et scho laang net méi erlieft hunn an dësem Parlament. A mir haten eng Diskussioun jo elo rezenterweis iwwer Respekt par rapport zu Beamten. Ech mengen, Verschiddener erënnere sech net méi dorunner. An ech fannen, dass dat net geet, dass mer awer hei kënnen op der Chambertribün - en public! - einfach mam Numm och Beamten zitëieren an d'office behaupten, si géife léien, si wäre Ligener, si géifen hir Aarbecht net uerdentlech maachen, ouni dass dat beluecht ass. Ech fannen dat wierklech e ganz staarkt Stéck, Här President, Dir Dammen an Dir Hären!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- An dat loossen ech och net zou par rapport zu de Beamten.

A fir de Rescht, ech hu jo gesot, dass passt an Ären Narrativ, wat Der hei wëllt maachen, fir eng Show ze veranstalten um Schluss vun dësem Projet.

Ech hunn awer och gesot - a wann den Här Wagner seet, et wär ziviliséiert erfogaangen, dat wär, well kee wollt an esou weider an esou virun -, et si vill Froen, déi zum Deel souguer hei gestallt gi sinn, déi sinn zum Deel emol net an der Kommissioun gestallt ginn, och net u mech gestallt ginn! Just fir ze soen. Et ass jo awer, kommt, mir sinn ...

An dat ass och, firwat ech gesot hunn, ech géif mer wënschen, dass et iwwerdroe gëtt, well da géif warscheinlech de Public och emol matkréien, wat an de Kommissiounen diskutéiert gëtt. Dann hätt de Public och en anert Bild dovunner. Mee bon, ech kann awer domadder liewen, dass gehéiert och zum Parlament, dass den Narrativ dora besteet, fir herno e Showdown ze maachen an der Pleniëronderëm e Gesetz, mat deem een net averstanen ass. Okay!

■ **Une voix.**- O, Dir maacht elo hei och Show!

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Bon, dat hutt Der elo hei veranstalt.

Mee fir de Rescht, wann de Rapport vun der Cour des comptes do ass ... Well dat ass awer dat Wichtigst, dat Wichtigst ass awer hei, an dat kuckt d'Cour des comptes: Si kuckt précisément, wéini ech wou wat ënnerholl hunn a puncto vun der Gestiou a vun der Exekutioun vum Budget par rapport zu deem heite Projet. D'Cour des comptes kuckt hei, ob d'Ausschreibungsgesetz respektéiert ginn ass oder net. D'Cour des comptes kuckt hei, ob alles am Projet dra war, wat hätt missen dra sinn an ob dat kontabilitéitsméisseg richtig war, dass een dat hätt wëllen zum Beispill esou maachen, wéi den Här Heck dat hei erkläert huet, oder net.

An d'Cour des comptes wäert och do Recommandatiounen maachen. An et gëtt e Contradictoire, deen och do organiséiert gëtt tëschent der Cour des comptes an dem Ministère an de Verwaltungen an der Armée. Déi wäert dat alles kucke goen!

Natierlech schwätzt d'Cour des comptes sech net iwwert d'Opportunitéit vum Satellitt aus. Dat wär jo nach de Clou! Dat ass jo net deenen hiren Objektiv. An dat ass jo och net haut d'Thema, wann ech dat richtig hei verstinn. Haut ass jo den Hauptsujet ... Well ech wëll awer nach eng Kéier drop hiweisen, dass d'Chamber hei, dass se all mat Ausnam vun deene Lénke d'Opportunitéit vum Projet agesinn haten, well en ass mat enger grousser Majoritéit hei gestëmmt ginn 2018! Dat schéngt elo hei aus der Siicht nees eraspulveriséiert ze ginn, well mer en Narrativ brauchen, deen eng grouss Affär draus mécht.

Et hunn hei 58 Deputéierter fir dee Projet gestëmmt 2018! Also d'Opportunitéit, fir de Projet ze maachen, schéngt jo awer, huelen ech emol un, mat deenen 58 Deputéierte gi gewiescht ze sinn.

A fir de Rescht, wann dee Rapport do ass, dat hunn ech och gesot a menger Ried, da soll d'Chamber dee kucken. Mee, wéi eebe gesot, d'Chamber mécht dat, wéi se dat wëllt. Ech hu kee Problem, an dat soen ech och kloer, mat kenger Aart a Weis a mat kengem Moyer, fir hei zu Transparenz ze kommen. Well, wéi gesot, ech hunn dee Projet hei iwwerholl an ech stinn zum Projet als solchen, well ech e gutt fannen, mee ech stinn net zum Historique.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Bausch. Da Parole après ministre fir den Här Kartheiser.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools merci, Här President. Ech mengen, et ass ganz vill gesot ginn, wat de Fong ugeet elo vun där Diskussioun. Dofir wëll ech elo net onbedéngt dorobber agoen. Ech wëll just soen, dass mir als ADR selbstverständlech och déi Resolutioun fir eng Enquêtëkommissioun ënnerschriwwen hunn an dass dee Räsonnement, deen hei vun der Madamm Adehm am Numm vun eis véier Parteie virgedroe ginn ass, eis Ënnerstützung fënn.

Et ass eppes anescht, wat ech wollt soen. Ech hunn dem Här Minister Bausch nogelauschtert an ech hu mech gefrot: Wéi ass eigentlech déi Situation, an där mer elo sinn, ze interpretieren, iwwert déi Diskussioun eraus, ob mer elo sollen eng Enquêtëkommissioun maachen oder net?

Ech maache mer vill Suergen! An ech mengen, ech sinn net deen Eenzege. Ech erënnere mech, am Ufank, wéi Gambia ugetrueden ass, do huet et gehescht: „Mir maachen d'Fënstere grouss op. Mir sinn eigentlech déi Koalitioun vun der Transparenz, vun der Oppenheet. Mir maachen alles nei.“

A wat ass elo geschitt an all deene Joren? Mir ginn, dass déi Koalitioun hei eng Koalitioun ass, déi sech Lëtzebuerg lues a lues accaparéiert. Mir ginn eng Koalitioun, déi sech der Kontroll entzitt. Mir ginn eng Koalitioun, déi méi a méi d'Beamte politiséiert, déi Prozeduren aushielegt. Mir ginn eng Koalitioun, déi en Émbau mécht vu ganz ville Saachen am Land, laanscht dëst Parlament. A virun allem, mir ginn eng Regierung, déi sech hirer Verantwortung entzitt.

Esou vill Feeler sinn a leschter Zäit geschitt! A wat fir eng Konsequenze goufen op Regierungsniveau gezunn? Keng! Et ass eng Kultur vun den „Intouchables“: „Mir sinn zwar Ministeren, mir maache Feeler, mee mat eisen 31 Deputéierte brauche mir d'Verantwortung dofir net ze iwwerhuelen.“ Et ass dat, wat mer fundamental Suerge mécht: Wou geet déi demokratesch Kultur an dësem Land hin?

Den Här Wagner huet e gutt Beispill genannt. Mir sollten eis iwwerleeën, ob mer net op e Wee ginn, dass mer eng Enquêtëkommissioun mat manner wéi der Majoritéit hei am Parlament kënnen aféieren. Mir sollten dat an der Reglementskommissioun elo an nächster Zukunft diskutieren. Mir wäerten als ADR déi Initiativ iwwerhuelen, dass mer dat konkretiséieren. Mir kënnen net nokucken, wéi dëst Land lues a lues seng demokratesch Kultur ewechgeholl kritt.

Här Minister, och Dir sidd nëmmen nach e puer Joer do an da komme Walen. A mir brauchen an deene Walen eng Diskussioun iwwert d'Demokratie zu Lëtzebuerg.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Kartheiser. An dann huet den Här Clement d'Wuert gefrot.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Als Éischt emol, den Här Minister huet hei déi ganzen Zäit dovunner geschwat, dass en e grouss Fan dovunner wär, dass d'Kommissiounssätzunge sollten éffentlech sinn - ech schwätzen herno nach eng Kéier iwwert déi Resolutioun -, an do wëll ech just drop hiweisen, dass déi heite Kommissiounssätzunge vun der Comexbu Verbatimen hunn. An au contraire vun der Chamber war et just d'Regierung, déi an déi Verbatime fusche gaangen ass mam schwarze Stëft! Dat heescht, wa mer hei vun Transparenz schwätzen, da kommt, wannechgelift, bleiwe mer éierlech: D'Chamber huet Verbatimen ufertege gelooss an et ass doranner gefuscht ginn: vun der Regierung!

Also wannechgelift, ëmmer erëm drop hinweisen, mir bräichten éffentlech Kommissiounssätzungen ... Da sollte mer weinstens éierlech bliwen: Mir hunn déi PVen!

Wa gesot gëtt, an ech stinn dozou, ech hu gesot: „Mir goufen ugelunn.“ A firwat soen ech dat? Ma well et schwartz op wäiss aus deene Verbatimen ervirgeet, dass verschidde Leit kontradiktöresch Aussoe gemaach hunn.

Ech sinn der Meinung - an de Minister huet mech jo dann och dozou invitéiert an den Här Haagen huet mech och dozou invitéiert, dass dat mäi Rôle wär -: Nee, ech sinn der Meinung, dass dat „eise“ Rôle wär als Chamber!

■ **M. Claude Haagen (LSAP).**- Nee, Dir hutt jo Preuven! Ech hu se net.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- A, Här Haagen, Dir gitt also zou, dass Der 150 Säite Rapport vun der Comexbu einfach net gelies hutt! Très bien! Très bien!

(Interruptions)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Clement huet d'Wuert a soss keen!

■ **M. Claude Haagen (LSAP).**- ... Contradictiounen, ech gesi keng Contradictiounen ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Clement, fuert roueg weiter! Dir hutt d'Wuert.

■ **Une voix.**- Dat ass kee Rapport, et ass eng Compilatioun.

■ **M. Claude Haagen (LSAP).**- Et geet elo duer!

(Brouhaha)

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Bon, ech waarden dann, bis den Här Haagen opgehalen huet mat jäizen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Clement, et ass un lech!

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Mir kënnen also déi Verbatimen tel quel un de Parquet weiderginn, ouni d'Schwärzungen, well, ech mengen, dat géif ganz kloer weisen, wat hei geschitt ass, dass mer hei Lige gezielt kruten. An dat, denken ech, sollte mer dann och maachen!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dann huet den Här Roth nach d'Wuert gefrot gehat. An da kritt de Minister d'Wuert zrëck.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Här President, ech wëll déi Diskussioun hei net verlängeren. Ech muss awer soen, dass mir an dëser Legislaturperiode, déi 2018 am Oktober ugaangen ass, menger Erënnung no dräi Seancë vu Chamberskommissiounen haten: Dat war d'Justizkommissioun an der berüümter Datenaffär, dat war d'Environnementskommissioun an der Geschicht Gaardenhaischen, mat allem, wat sech do hannendru beweegt huet, an et ass d'Affär LUXEOSys gewiescht.

An deenen dräi Kommissiounen ass noweislech vu Leit, déi do opgetruede sinn, net d'Wourecht gesot ginn. An deenen dräi Kommissiounen! Dat war an der Gaardenhaischenaffär, dat war an der Geschicht vun den Daten, wou Verrieder vun Institutione kontradiktöresch Aussoe gemaach hunn, wou se am Ufank gesot hunn, et wier keng Recherche nominative méiglech. Herno huet sech erausgestallt, dass bei den Date Recherche-nominativ méiglech waren.

An hei weess jiddwereen, souwuel vun der Majoritéit wéi vun der Oppositioun, déi an der Comexbu waren, an der Commission de l'exécution budgétaire, dass hei vu Beamten Onwourechte gesot gi sinn. Et steet enger éischter Institution, an dat ass nun eemol d'Parlament, zou, dass se esou Komportementer net kann tolerieren. An duerfir muss ech ganz éierlech soen: Ech kann net novollzéien, firwat dass eng Majoritéit hei mat 31 géint 29 Stëmmen eng Enquêtëkommissioun fir d'Wouchten - hei sinn et faktuell Wouchten, ëm déi et geet! - kann ofleenen.

Et ass emol nach net, dass herno politesch Konsequenze géife gefrot ginn, mee et geet ganz einfach ëm faktuell Wouchten: Wat ass richtig an deem Dossier a wat ass net richtig?

A wann eng Majoritéit untrëtt, déi gesot huet, a besonnesch hei ee Minister, deen, ëm deen et geet, deen net méi an de Fonctiounen ass, dee gesot huet als Éischten: „De ‚Mief‘ vun der CSV, dee muss eraus!“, dass déi Partei an déi Majoritéitsverrieder, dass déi dat hei net kënnen matstëmmen, dass ass fir mech onverständlech!

A fir domadder opzehalen, géif ech op jidde Fall froen, ... Well ech ginn, dass déi hei sech jo net bëien, hei gëllt einfach Majoritéit géint Oppositioun. Dat ass dat Mëttel, hei gëtt dat duerchgeboxt mat 31 géint 29! Leit, déi sech Transparenz an hire Walprogramm schreiwen, déi Transparenz schreiwen a Regierungsprogrammen, Leit, déi net fäerdeg ginn, hei vun Transparenz ze schwätzen! Mee dann exercéiert se! Dann exercéiert se a weist dem Land, dass Der dozou stitt, a kuckt, dass déi Fakte vun deem Militärsatellitt, dass déi hei ee fir alle Mol éffentlech opgekläert ginn!

A wann Der dat net wëllt maachen, Dir Dammen an Dir Hären, da verlaange mer zumindest, dass Der an där Resolutioun, déi Der dann als Majoritéitspartei zu 31 wëllt hei virléien, zumindest akzeptéiert, dass dee Rapport vun der Cour des comptes an der Chamber an engem éffentlechen Debat diskutéiert gëtt an net nëmmen einfach an der Comexbu. Dat ass op jidde Fall dat, wat mer froen.

Dat heescht, mir froe principalement, dass Der déi Enquêtëkommissioun hei matstëmmt, a subsidiairement hätte mer gären, dass Der zumindest dann an der Resolutioun, déi Der selwer abruecht hutt, schreift, an ech zitëieren dat: « de présenter à la Chambre des Députés le rapport de la Cour des



comptes qui en discutera en séance publique dans les meilleurs délais ».

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Dann hat den Här Minister Bausch d'Wuert gefrot.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Jo, Här President, ech wëll elo näischt méi soen zu deem doten. Mee ech wëll awer eppes soen zu deem, wat den Här Clement virdu gesot huet, well dat soss dobaussen ausgesäit, wéi wann d'Regierung hei an engem Rapport, an engem PV vun der Chamber Zensur bedriwwen hätt.

Ech muss soen, dat ass awer e staarkt Stéck, Här Clement! Dir wësst ganz genau, wat mer gefrot hunn deemools als Defense, well et geet jo hei ëm privat Firmen: datt verschidden Nimm a verschidde Saache sollte schwaarz gemaach ginn, annet wat Aussoe si vu verschiddene Leit, déi do ausgesot hunn. Dat ass jo wierklech ongeheierlech, esou e Virwurf ze maachen! Mee et geet haaptsächlech drëms, datt verschidde Saachen eeben aus rechtliche Grënn par rapport zu Firmsensibel waren. An dat ass natierlech gekuckt ginn, dat war och ganz wéineg, wat schwaarz gemaach ginn ass. An dat ass dat, ëm wat et geet.

Ech wëll lech awer just soen, ...

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Dir wollt et awer streamen. Dat hutt Der virdu gesot.

■ **M. François Bausch, Ministre de la Défense.**- Jo, mee nee! Ech wëll lech, jo, Här Clement, Dir ... Lauschtert, wësst Der, et ass awer e groussen Ënnerscheid, ob Der elo hei ... Dir hutt dat elo esou duergestallt, wéi wa mir carrement Aussoen do sträiche gelooss hätten, wat net stëmmt! Mee duerfir ass et awer wichteg, datt ech dat preziséieren. Bon, Dir sidd jo de Spezialist doranner, fir esou Saachen esou duerzestellen no baussen. Dat hu mer jo schonn erausfonnt.

(Interruptions)

Ech wëll lech awer och soen, datt, wann eppes - wat ech net weess, ech weess jo net, ob et hei sou ass, a priori gesinn ech hei näischt, wat strofrectlecher Natur ass -, mee wann eppes iergendwann eng Kéier géif kommen, wat strofrectlecher Natur ass an et geet bei d'Justiz, bon, dann ass et jo esou: D'Justiz wäert da souwisou alles saiséieren vun Dokumenter, wat do ass, an dann ass dat jo souwisou net ze verheemlechen.

Duerfir, haalt awer op ze maachen, wéi wa mir elo géifen hei als Regierung carrement net nëmme wierklech d'Procès-verballe wëlle fälsche vun der Chamber, mee och nach wëilten an der Justiz hei intervenéieren! Wou si mer dann ukomm'!

Pardon, ech mengen, mir sollen hei jiddweree seng Aarbecht maachen! An ech bleiwen derbäi, ech si selwer och interesséiert, datt an deem Dossier hei 100 %eg Transparenz drakënn.

Voilà! Méi soen ech elo dozou net méi, Här President, well ech mengen, ech hunn alles gesot.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Bausch.

Ech gesi keng Wuertmeldung méi, soudatt mer kënnen zur Ofstëmmung iwwert d'Resolutioun Nummer 1 kommen.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen ...

(Brouhaha)

■ **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Mat oder ouni Ajoute?

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- D'Resolutioun Nummer 1, déi vun der Madamm Stéphanie Empain deposéiert ginn ass an déi e Rapport spécial iwwert d'Gestion financière bei der Cour des comptes fret.

Den Här Roth fret nach d'Wuert.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Also, vun eiser Säit vun der CSV géife mer déi Resolutioun do matstëmmen a mir géifen lech bieden, dass Der derbäi géift schreiwen, dass d'Chamber iwwert de Rapport vun der Cour des comptes an enger ëffentlecher Sitzung debattéiert. Dat heescht, wann Der dat gär formuléiert hätt, da géife mer en Addendum maachen, dee proposéiert: « décide de demander à la Cour des comptes d'établir un rapport spécial sur la gestion financière du projet LUXEOSys et de le présenter à la Chambre des Députés, qui en discutera en séance publique ».

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech gesinn, datt eng Zoustëmmung duerfir do ass. Mee den Här Wagner huet nach d'Wuert gefrot.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President.

(Brouhaha général)

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Jo, mee ass et ...? Mir kënnen den Ordre net méi inverséieren.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Wagner huet d'Wuert.

■ **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Jo, mir fannen dat u sech och, wat d'Ajoute ugeet, déi den Här Roth elo fir déi Resolutioun proposéiert huet. Déi Resolutioun stellt eis, wéi ech virdu gesot hunn, net zefridden, well mer der Meinung sinn, datt d'Majoritéit - ech soen net „d'Regierung“, mee „d'Majoritéit“, dat sinn anscheinend zwou ganz verschidde Saachen - sech hannert der Cour des comptes verstoppt. Mee (veuillez lire: Mee et wär gutt), wa mer dann awer och wéinstens déi Debatt kéinten hunn, well et geet jo hei nëmme drëms, fir net Uuschëllungen ze maachen, mee just Kontradiktione feststellen; an dofir bräicht een a Wierklechkeet eng Commission d'enquête, wa mer seriö wieren. Mee dat si mer anscheinend zum Deel net an deem Mooss, op jidde Fall net an deem Sall. Mee voilà, mir wäerte mat där Ajoute déi heite Resolutioun matdroen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Wagner. Dann nach d'Madamm Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Merci, Här President. Mir stinn dozou, dass mer d'Cour des comptes wëlle mat deem Dossier saiséieren, fir Transparenz ze schafen. D'Cour des comptes ass en onofhängege Gremium, deen an der Verfassung verankert ass, deen och vun der Chamber gewielt ginn ass a vun der Chamber saiséiert ka ginn, fir eebe grad déi ëffentlech Depensen ze kontrolléieren. A mir bleiwen der Meinung, datt et zu deem Moment dat richtegt Organ ass, fir dës Aufgab ze maachen.

Mir sinn awer ganz gär bereet, hei och eng Debatt driwwer ze féieren. An och dat gehéiert zu der Transparenz an zu der politescher Meinungsbildung, nach eng Kéier, op all de Säiten. Mir ënnerstëtzen deen do Zousaz. An ech mengen, da misste mer domat awer vläicht och emol eng Kéier zu engem Konsens kommen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Lorsché. Den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Jo, merci, Här President, fir d'Wuert. Ech ka mech der Madamm Lorsché uschléissen, obwuel deen Zousaz u sech superfetatoire ass, well d'Chamber ka sech ëmmer nach mat engem Debat saiséieren, dee se kann halen. Mir sinn awer d'accord. Ech gesi schonn: Den Här Clement, dee spréngt scho bal aus der Këscht.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- Well Der d'Reglement net kennt!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- E ka säi Pathos hei net ganz ausspillen, deen zimmlech op d'Nerve geet, wëll ech just soen.

■ **M. Sven Clement (Piraten).**- O Dir mir och!

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Déi Resolutioun hei kënnen mer matstëmmen, obwuel deen Zousaz superfetatoire ass. Mir kënnen en awer matstëmmen.

■ **Mme Lydie Polfer (DP).**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Ech mengen, u sech schéngt et awer kloer. Den Här Roth nach, wannechgelift.

■ **M. Gilles Roth (CSV).**- Ech soen de Majoritéitsvertrieeder Merci fir déi Flexibilitéit, eis Ajoute bäizemaachen. Mee an der Argumentatioun, an ech wëll dat nach eng Kéier widderhuelen, hate mir principalement fir d'Enquêtëkommissioun gefrot. An duerfir géife mir och froen, Här President, dass déi Resolutioun iwwert d'Enquêtëkommissioun fir d'éischt gestëmmt gëtt an dann duerno déi iwwert d'Cour des comptes.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

(Brouhaha)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Okay. Da stëmme mer fir d'éischt ...

■ **Plusieurs voix.**- Nee!

(Interruptions)

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Nee, kommt mir bleiwen dobäi. Mir haten de Vott schonn ugefaangen an duerno hutt Dir eréischt reagéiert. Mir stëmmen elo iwwert d'Resolutioun Nummer 1 of, déi vun der Madamm Stéphanie Empain deposéiert ginn ass, mam Zousaz, deen den Här Roth gemaach huet.

Résolution 1 modifiée

La Chambre des Députés,

- considérant l'historique du projet « LUXEOSys », notamment en ce qui concerne le coût du projet ;

- vu les conclusions du rapport de la Commission du contrôle de l'exécution budgétaire relatif au projet de loi n° 7542 ;

- saluant et partageant la volonté de transparence du Gouvernement dans ce dossier et dans la planification de futurs projets ;

- considérant que la Cour des comptes est l'organe compétent pour le contrôle de la gestion financière des organes, administrations et services de l'État et que la Chambre des Députés peut à tout moment demander à la Cour des comptes de présenter un

rapport spécial sur des domaines spécifiques de gestion financière,

décide

- de demander à la Cour des comptes d'établir un rapport spécial sur la gestion financière du projet LUXEOSys et de le présenter à la Chambre des Députés, qui en discutera en séance publique.

(s.) Stéphanie Empain, André Bauler, Dan Biancalana.

Vote sur la résolution 1 modifiée

Wien domadder averstanen ass, dee soll mat Jo stëmmen.

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Léon Gloden), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Octavie Modert), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Gilles Roth), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Claude Wiseler), Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Paul Schaaf), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Frank Colabianchi, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Georges Engel) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da kéime mer zum Vott vun der Resolutioun Nummer 2, déi den Asaz vun enger Enquêtëkommissioun fret.

Vote sur la résolution 2

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi e Vote par procuration wëllen ofginn.

Appel nominal (votes par procuration)

Domadder ass dës Resolutioun mat 29 Jo-Stëmme an 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Léon Gloden), MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Octavie Modert), Paul Galles (par M. Georges Mischo), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Gilles Roth), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Claude Wiseler), Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Jean-Paul Schaaf), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, Frank Colabianchi, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Georges Engel) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain,

Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue.

10. Question urgente n° 3169 de Mme Diane Adehm concernant le blocage par POST Luxembourg de SMS envoyés par un laboratoire dans le cadre du large scale testing

Mir kommen dann zur Question urgente Nummer 3169 vun der Madamm Diane Adehm iwwert d'Blockéiere vun SMSen am Kader vum Large-Scale-Testing. D'Madamm Adehm huet fënnf Minutten, fir hir Fro virzedroen an no der Äntwert vum Minister eventuell eng Zousazfro ze stellen, an der Regierung stinn zéng Minutten zou. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Diane Adehm (CSV).**- Jo, merci, Här President. Den 2. November 2020 huet de Santéministère op sengem Facebook-Kont annoncéiert, dass ee just soll den offizielle Sourcen trauen, wann een um Large-Scale-Testing deelgeholl huet, an et kréich ee keng Resultater iwwer Facebook, also d'Messengerie vu Facebook geschéckt, mee just iwwer SMS oder iwwer Courier.

Gëschter Owend war op „Tageblatt“ online ze liesen, dass et awer Problemer gi si mat deene Messagen, mat deenen SMSen, déi vun dem Large-Scale-Testing weidergeschéckt gi sinn, an dass déi bei verschiddene Leit net ukomm sinn, aus deem Grond, well d'Post e Filter, en Antifraudfilter dropgesat huet, an doduerjer sinn eng ganz Partie SMSen blockéiert ginn.

Duerfir hunn ech aus deem dote Grond eng Partie Froen un de Minister: Während wéi enger Period sinn d'SMSen net duergaangen? Sinn all d'SMSen vun deem Laboratoire betraff, deen zitéiert gëtt? A wéi vill SMSen sinn net duergaangen? Huet de Laboratoire kierzlech de Provider gewiesselt, fir d'SMSen erauszuschécken? Betrëfft dës Problem nëmme Post-Clienten oder sinn och Clientë vun anere Providere concernéiert?

Wann et nëmme Post-Clientë sinn: Gëtt et eng offiziell Lëscht vu Provideren op internationalem oder europäeschem Niveau, déi esou e fiabele Service des messengeries mobiles ubidden, op déi d'Post sech baséiert? A wann et keng esou eng Lëscht gëtt, op wéi enger Basis huet d'Post dann decidéiert, wéi eng international Sécherheetsstandarde si géinge respektéieren? A wéi kënn et, dass déi aner Mobiltelefonbedreiwer net déi selwecht Standarden hunn?

A wann deen heite Problem net nëmme Post-Clientë betrëfft, mee och d'Clientë vun anere Provideren, wéi eng Providere sinn dat? Wéi vill SMSen sinn hei vun dëser Saach betraff an iwwer wéi eng Zäitspan? An ass de Minister der Meinung, dass dës Problemer de Kampf géint de Virus net beanträchtegen? An ass de Minister net der Meinung, dass déi zoustänneg staatlech Servicier d'Leit hätte missen iwwert dës Problem informéieren, amplaz dass se dat doten aus der Press gewuer ginn?

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Adehm. D'Regierung huet d'Wuert: den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

■ **M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie.**- Merci, Här President. Merci un d'Diane Adehm fir déi Fro hei. An ech wëll soen, dass et eng wichteg Fro ass, dass et och eng ass, wou et mer wichteg ass, de Sachverhalt ze erklären, well d'Leit dobaussen, all déi Leit, déi en Test gemaach hunn, sech hei natierlech ganz seriö Froe stellen, dass et wichteg ass, dass si wëssen, wat passéiert ass, well se natierlech Vertrauen an eise Gesondheetssystem mus-sen hunn.

Als Éischt géif ech awer gäre ganz kloer soen an och betounen, dass d'Post hei hir Aarbecht gemaach huet an dass een der Post hei kee Reproche ka maachen, wat een och, mengen ech, kann anescht interpretéieren, wann een deen Artikel do liest, deen zitéiert gëtt an där Question urgente.

Wat ass geschitt? Et ass esou, dass all Laboen d'Resultater vun den Tester per SMS verschécken, wat de schnellste Moya ass, fir de Leit Bescheid ze soen. D'Laboe verschécken déi SMSen mat den Testresultater an der Reegel net selwer, mee gräifen dofir op extern Firmen zréck, déi dat fir si maachen. Déi extern Firms gräifen dann op Sous-traitanten zréck, op Telecom-Operateuren, déi dës SMSen dann un den Ennclient verschécken.

Leider ass e klengen Deel vun deenen SMSen an deem konkrete Fall iwwer en Telecom-Operateur verschéckt ginn, deem seng Servicier vun der Post als net vertrauenswierdeg ugesi ginn. An aus Grënn vu Cybersécherheet huet d'Post déi SMSen erausgefiltert an net weiderginn.

D'Post huet héich Sécherheetsstandarden, jo. A si huet u sech hei näischt anescht gemaach wéi hir Aarbecht an déi Standarden ugewannt. Et kann een also dofir der Post kee Virwurf maachen. Si